N°2110
Entrée le 17.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°2110 vum 19. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

1. **Gëtt et entretemps eng konkreet Pist fir eng néi Maison des Sports?**
    a. **Wa jo, wou soll dës hikommen?**
    b. **Wann jo, wéi héich sinn d'Käschte fir déi néi Gebailechkeeten ?**

Sou wéi op der leschter Generalversammlung vum Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL) den 29. Mäerz annoncéiert, wäert déi nei Maison des Sports a Gebailechkeeten op d'Cloche d'Or kommen. Vue dat de Lëtzebuerger Staat d'Gebai bei engem private Promoteur lount, kann ech d'Käschten heifir net chiffréieren.

2. **Bléift et dobäi, dass de Staat d'Käschte fir déi nei Maison des Sports iwwerhëlt an sech och weiderhin un de Fonctionnementskäschte bedeelegt?**

Jo.

3. **Wäert och den LIHPS hei ënnerdaach kommen an dann och deem seng Käschte weiderhin integral vum Staat ofgedeckt ginn?**

Den LIHPS wäert och weiderhin Büroe vum Lëtzebuerger Staat gestallt kréien. Duerch d'Natur vu sengen Aufgabe brauch de LIHPS Bürosflächen op ënnerschiddleche Plazen. Dofir gëllt et an de nächste Méint ze klären op dës och an der neier Maison des Sports gebraucht ginn.

**Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo